N°8369
Entrée le 05.10.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.10.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 5. Oktober 2023

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Den 28. September huet de Gesondheetsministère en Opruff gemaach, fir datt d'Elteren hir Kanner solle géint Bronchiolite impfe loossen. An de Maternitéen ass d'Impfcampagne fir déi Neigebuere mëttlerweil ugelaf. An dem Kontext wëll ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

- Wéi vill Dosen Nirsevimab sinn disponibel?
- Wéi vill Dose sinn insgesamt bestallt ginn?
- Geet dat duer, fir nieft den Neigebuerenen och all d'Kanner, déi tëschent dem 1. Januar an dem 30. September 2023 gebuer sinn, ze impfen?
- Ass den Impfstoff och bei de Kannerdokteren disponibel?
  - Wann nee, firwat net?
  - Ab wéini kënnen och d'Pediateren d'Kanner impfen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Léon Gloden

Deputéierten